# Wat gëtt gebraucht:

- Glacestiller aus Holz (laang schmuel oder kuerz a breet)(fir d'Flilleken)
- Wäscheklammern aus Holz (fir de Kierper)
- Päiffestëppler (fir d'Fühler)
- Päerelen (fir d'Aan)
- Pinsel
- Wasser- oder Acrylfaarwen
- Pech

# Sou bastelt ee faarweg Insekten:

1. **Fierf** d'Stiller an d'Wäscheklammern esou wéi et dir gefällt. D'Insekte mat de laange Stiller kënne spéider wéi Libellen ausgesinn an déi mat de kuerze Stiller passen éischte fir **Beien**, **Harespelen** oder **Bommelen**.
2. Mol **alles als éischt an enger Faarf**. Wann déi éischt Schicht **gedréchent** ass, da kann een e **Muster** drop molen.
3. Wann alles dréchen ass, kann een entweder **zwee laang Stiller iwwer Kräiz** oder **ee kuerze breede Still** vir op d'**Wäscheklammer** pechen.
4. Vir **op d'Spëtzt vun der Wäscheklammer** kann een entweder zwee **Aan opmolen** oder zwou **Päerelen oder Bullen aus Pabeier** droppechen
5. Och kuerz Stécker aus **Päifestëpler** kann ee **riets a lénks vun den Aan** oppechen fir d'**Fühler** duerzestellen.
6. Déi fäerdeg Insekte kann een iwwerall **hiklemmen**.





Hei sinn nach e puer weider Iddie fir Insekten ze bastelen:

https://www.trendmarkt24.de/bastelideen/tiere-basteln/insekten-basteln